PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/10/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung & Gesondheet weiderzeleeden.

Duerch de bestoenden EU- a Schengenraum, kann all Matbierger sech am Ausland medezinesch behandele loossen a gläichzäiteg vun der Méiglechkeet profitéieren, d'Behandlungskäschte vun der CNS rembourséiert ze kréien. Fir dass d'CNS dës Sue kann zréckiwwerweisen, gëtt eng *demande de tarification* un déi auslännesch Krankekeess geschéckt. Elo kann et awer sinn, dass dës auslännesch Krankekeess och Behandlungsresultater freet, fir eng Ofrechnung opzestellen. Falls een dës Resultater net weidergëtt, gëtt keng Ofrechnung gemaach an de Patient bléift op de Behandlungskäschte sëtzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet eng auslännesch Krankekeess d'Recht, no Behandlungsresultater als Konditioun fir eng Ofrechnung ze froen?

2. Wat geschitt, falls ee Patient net bereet ass, seng Resultater mat dëser auslännescher Krankekeess ze deelen? Huet en dann trotzdeem d'Recht op ee Remboursement?

   Wann jo, no ewéi engem Tarif gëtt de Patient da rembourséiert, nom auslänneschen oder nom lëtzebuergeschen?

3. Wéi kann ee Patient sech wieren, wann e vun enger auslännescher Krankekeess opgefuerdert gëtt, Informatiounen iwwert säi Gesondheetszoustand erauszeginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député